Info aktuell
Service
Gemeng Käerjeng

24, rue de l'Eau I Boîte postale 50 I L-4901 Bascharage
Fax 500 552 399 I Central téléphonique 500 552-1

Formatioun fir de Brevet vum Animateur A

D'Gemeng Käerjeng organiséiert am Kader vun hire Vakanzenaktivitéiten déi 5. Formatioun fir den offizielle Brevet vum Animateur A. Dëse Brevet gëtt ausgestallt vum Minister fir Schoulwiesen, Kanner a Jugend. Dës Formatioun riicht sech un Leit, déi am Jugendberäich täteg sinn, déi gären als Animateur „A" fir den Encadrement vu Kanner während Summer- a Vakanzaktivitéiten (Dagesaktivitéiten ouni Iwwernuechtung) schaffen am Kader vun der non-formaler Bildung. D'Formatioun beinhalt en theoreteschen Deel wéi och e prakteschen Deel. Hei kriss du en éischten Abléck iwwert de soziale Secteur am Land, déi non-formal Bildung an d'Organisatioun vun de Vakanz- a Fräizäitsaktivitéiten an eiser Gemeng. Méi Informatiounen fënns de um Internet-site: www.snj.lu an www.enfancejeunesse.lu

KONDITIOUNE FIR DE BREVET „ANIMATEUR A"

- Dës Formatioun ass fir an de séparaten Summeraktivitéiten (ouni Iwwernuechtungen) geduecht
- Maximum 20 Studenten ginn ugeholl
- Mindestens 15 Joer aal muss de sinn
- Un 4 Formatiouns-Weekender muss de deelhuelen (30 Stonnen Theorie) an 20 Stonnen Praxis muss de maachen

INHALTER

D'Weekender begräife folgendes:
Du léiers verschidden Aktivitéiten ze plangen un Hand vun der Theorie, mee awer och mat ville praktesche Beispiller. Du léiers vill Spiller fir Kanner kennen a wéi's du deng Aktivitéiten organiséieren solls. Ënner anerem léiers du mat schwierege Situatiounen ëmzegoen, Animatiounstechniken, Zesummeliewen am Grupp, Sécherheet, Präventioun a Responsabilitéit iwwerhuelen. Du gesäis wéi ee konkret Aktivitéite preparéiert, organiséiert an ëmsetzt a gëss geléiert eng Vertrauenspersoun fir d'Kanner ze sinn.

DATUM

- Samschdes, den 2. ; 9. ; 16. an 23. Oktober 2021 vun 08.00 bis 16.00 Auer am Kulturzentrum „Käerjenger Treff".

PRAKTESCHE STAGE

Nieft deenen 4 Weekender Theorie sinn 20 Stonnen Praxis néideg fir de Brevet Animateur „A". De prakteschen Deel muss du während der Allerhellegevakanz oder Fuesvakanz an eise Strukturen maachen.

Hues du awer schonn Erfahrung mat Kanner an Organisatiounen vun der non-formaler Bildung gesammelt (minimum 20 Stonnen) da bass du vum prakteschen Deel dispenséiert. Du muss eis awer dofir e Certificat mat Stempel schécken, dee beweist dass du deng 20 Stonnen an enger anerer Organisatioun gemat hues.

BEDEELEGUNG UN DE KÄSCHTEN

De Präis ass 35 € (Mëttegiessen fir déi 4 Weekender ass do abegraff)

WOU KANN ECH MECH MELLEN?

Bass du interesséiert, da fëll d'Aschreiwung aus a schéck se bis spéitstens den de 27. September 2021 op folgend Adress eran:

Administration Communale de Käerjeng
Maison Relais
B. P. 50
L- 4901 BASCHARAGE

Wann's du nach Froen hues, ruff eis un um Telefon 500 552 659 / 650 oder schéck eis eng E-mail un:
mr@kaerjeng.lu

brain&more

Umellungsformular

Gemeng Käerjeng

Formatioun fir de Brevet vum Animateur A

(Opgepasst: Mindestalter 15 Joer)

bis spéitstens den 27. September 2021 ofginn

Numm, Virnumm _____

Gebuertsdatum _____

Gebuertsuert _____

Nationalitéit _____

Matricule Sécurité Sociale _____

Hausnummer, Strooss _____

Postleetzuel L-_____ Uertschaft _____

Telefon/Handy _____

E-mail _____

Ech si fir d'Schouljoer 2021/2022 ageschriwwen an der Schoul/Fakultéit

_____

Dokumenter déi mat ofzegi sinn: Kopie vun der Carte d'Identité, Certificat de Scolarité

Duerch meng Ënnerschrëft verflichten ech mech fir un der kompletter Formatioun deelzehuelen, déi aus zwee Deeler besteet:

- Eng theoretesch Formatioun mat enger Mëttespaus vun enger Stonn. D'Mëttegiesse gëtt an der Kiche vun eiser Maison Relais preparéiert.
- E praktesche Stage vun 20 Stonnen dee während der Allerhellegevakanz oder Fuesvakanz an eise Strukture gemaach gëtt.

Datum _____ Ënnerschrëft vun der interesséierter Persoun _____

Wann d'interesséiert Persoun mannerjäreg ass
Numm a Virnumm vum gesetzleche Vertrieder _____

Ënnerschrëft vum gesetzleche Vertrieder_____

Le Collège des Bourgmestre et Echevins.